# Materialslëscht an Informatiounsziedel Klass: THILMANY Tammy & Co-Titulaire



---




Léif Elteren/Erzéihungsberechtegt,

Mir heeschen Iech an Äert Kand an eisem Spillschoulsgrupp häerzlech wëllkomm.

Mir invitéieren Iech op eng **Informatiounsversammlung** an eisem Klassesall (aalt Gebai, Sall 02) betreffend d'Schoulrentrée 2024/2025 **(OUNI KANNER W.E.G. !!!)** :

- Donneschdeg, den 12. September 2024 um 18:00 (op Franséisch an Englesch)
- Donneschdeg, den 12. September 2024 um 19:00 (op Lëtzebuergesch).

Mir proposéieren Iech an Ärem Kand eng **Pré-Rentrée**. Dir kënnt freides, den 13. September 2024, tëschent 16:00 an 18:00 an eise Klassesall (aalt Gebai, Sall 02) komme fir schonn d'Schoulmaterial laanscht ze bréngen, respektiv fir eis da scho kennen ze léieren.

Mir géifen Iech bieden dat op dësem Ziedel opgelëschte Material fir d'Rentrée ze besuergen. Ausserdeem hu mir Iech nach e puer zousätzlechen Informatiounen zu de verschiddenen Theme bäigefüügt, fir datt Dir déi wichtegst Informatiounen op engem Blat erëmfanne kënnt. De Stonneplang deele mir Iech schnellstméiglech mat.

---

**Kontaktdaten:**
Telefonsnummer (an der Klass): **23 64 19 02**
Mailadress: **tammy.thilmany@education.lu**
Handysnummer (fir den Noutfall): **621 272 383**

**Schoulzäiten:**

Méindes, mëttwochs a freides: **7:50 - 11:50 ; 14:00 - 15:50**
Dënschdes an donneschdes: **7:50 – 11:55**




**Permanence**: Mir sinn 10 Minutte virun an no der Schoul present, wann Dir eppes ënner véier An mat engem vun eis beschwätze wéilt.

Äert Kand ass **schoulflichteg**, dofir muss Äert Kand all Dag zur Zäit do sinn oder am Krankheetsfall ofgemellt ginn:


- per Uruff: 23 64 19 02
- per Dimmi-Message (Dir kritt déi néideg Coden wärent der Informatiounsversammlung oder der Pré-Rentrée)

**Schoulsak:**



- grouss genuch fir eng Jackett dran ze maachen, **keng Rullen** a mam **Numm**
- Schmierekëscht mam **Numm (gesond Iessen!)**
- Gedrénksfläsch mam **Numm** (bleift an der Schoul a kënnt freides mat Heem)
- Becher mam **Numm** (bleift an der Schoul a kënnt freides mat Heem)
- Tut mam **Numm** mat engem fiichte Läppchen (fir de Mond an d'Hänn nom Iessen ofzemaachen)
- Plastiksenveloppe mam **Numm** mam Bichelchen (gëtt vun der Schoul gestallt)
- fir an d'Paus ze goen:
    - bei Reen/Schnéi: Jackett mat Kaputz a Bullisbox mam **Numm**
    - bei Sonn: Kap a Sonnecrème mam **Numm**

**Schoulmaterial:**





- 1 Molbuch mam **Numm**
- 1 Schiertech mam **Numm**
- 1 Dëschset (max. 50x50 cm)
- 2 Këschte mat Pabeiersnuesschnappecher (z.B. Kleenex, Sublimo...)
- 1 Pak mat fiichten Dicher (z.B. Pampers, Bebino...)
- Anti-Rutsch-Strëmp mam **Numm** (déi ganz Suel anti-rutsch, net nëmme vereenzelt anti-rutsch Punkten!)


De Rescht vum Schoulmaterial gi mir kafen a froen Iech eng Bedeelegung vun **50 €** (boer oder per Digicash → 621 272 383).

**Wiesselkleeder mam Numm:**

- 1 laang Box
- 1 kuerz Box
- 1 T-Shirt
- 1 Pullover
- 1 Ënneschtbox oder Kalzong
- 1 Puer Strëmp



**Gebuertsdag:**



Wann Dir wëllt, datt Äert Kand säi Gebuertsdag an der Schoul feiere kann, géife mir Iech biede eis eng Woch am Viraus Bescheed ze soen.

- **dréchene** Kuch an **Zerwéiten**
- eventuell Käerzen
- eventuell Jus


**Mir feieren nomëttes (méindes, mëttwochs, freides)!**

**Turnen:**


Turnsak mam **Numm** (bleift an der Schoul a kënnt nëmme virun all Vakanz mat Heem):

- Turngezei mam **Numm**
- Turnschlappe mam **Numm** mat **wäisser Suel, keng Stréckelen!**
- Lastik (laang Hoer)

**Ouni Turnsaachen hëlt Äert Kand net un der Turnstonn deel!**



**Schwammen:**



Schwammsak mam **Numm**:

- Maillot (kee Bikini!) oder Schwammbox mam **Numm**
- Schwammkap aus Silikon mam **Numm**
- Duch mam **Numm**
- Lastik a Kämmbiischt (laang Hoer)

**Ouni Schwammsaachen hëlt Äert Kand net un der Schwammstonn deel!**

**Schoulbibliothéik:**

All Kand ka sech ënner folgende Bedéngungen e Buch ausléinen:


- ee Buch pro Kand
- d'Buch muss mat Respekt behandelt ginn (ee beschiedegt oder futtist Buch muss vun Iech ersat oder rembourséiert ginn)
- e stoftene Sak (mindestens A4) mam **Numm** fir den Transport vum Buch



**Bësch:**

Message per Dimmi

Tut mam **Numm** (kënnt all Kéier erëm mat Heem):



- Bullisjackett (gefiddert oder net) mam **Numm**
- Bullisbox (gefiddert oder net) mam **Numm**
- fest Schong oder Gummisstiwwelen mam **Numm**, déi d'Kand eleng undoe kann
- Sëtzkësse mam **Numm** mat engem Karabinerhaken (fir d'Këssen um Schoulsak ze befestegen)
- am Wanter: Mutz, Schal, Händchen, déck Strëmp... mam **Numm**

Léif Gréiss,

THILMANY Tammy